PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

De Wunnengsbauminister hat op der Pressekonferenz zum Logement am Januar erkläert, dass eng grouss Unzuel u Wunnenge bei der SNHBM géifen eidel stoen an nëmmen drop waarden, fir bezunn ze ginn. Dofir sollen d'Krittären iwwerschafft ginn, fir dass och Leit mat méi héije Revenuen an de Genoss vun enger ëffentlech finanzéierter Wunneng kënne komme. D'Wunneng ass zwar domadder vläit fort, mee domadder ass leider deenen, déi manner verdéngen, awer nach ëmmer net gehollef, well d'Wunneng net fir si ass.

Wien um Site vun der SNHBM d'Präislëschte vun de Wunnengen duerchkuckt, dee versteet och ganz schnell, firwat och een Normalverdinger hei am Land Schwieregkeeten huet, fir sech eng staatlech subventionéiert Wunneng ze kafen. Beispill: beim Projet Nonnewisen zu Esch kascht een Appartement vun 88m2, mat alle Bäihëllefen, déi ee kréie kéint, nach ëmmer 440.000€, also ronn 5.000€ / m2. Wichteg unzemierken ass, dass den Terrain dem Keefer natierlech net gehéiert, mee dëse weiderhin am Besëtz vun der ëffentlecher Hand bleift, ënnert dem Regime vum Erbpachtrecht (Emphyteos).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich sinn déi duerchschnëttlech Baukäschten (ouni Terrain) pro Meter Carré, fir een Appartement vun 80m2 bei der SNHBM a beim Fonds du Logement?

2. Wéi vill Suen huet de Bau vun deenen eenzelne Wunengen beim Projet Nonnewisen zu Esch kascht?
   Wéi vill Subsiden huet d'SNHBM am Kader vun dësem Projet u Subsiden fir all eenzel Wunneng zegutt?
   Wéi vill Subsiden huet d'SNHBM an dësem Projet fir d'Acquisitioun an d'Viabiliséierung vum Terrain a fir Architektenhonorairen zegutt?

   Ass beim Projet Nonnewisen een Ecart do tëschent de Verkafspräisser vun den Appartementer (Prix de vente subventionné TTC) an de Käschte vum Projet, nodeems een d'Subsiden ofgezunn huet?

3. Fir ëffentlech Wunnengen gëllt ee Virkafsrecht vum Staat. An der Äntwert op d'parlamentaresch

Fro n°7325 vun 2022 goung ervir, dass tëschent 2018 an 2022 eng 44 Wunnengen erëm vun der SNHBM zeréckkaf goufen.

- Goufen dës Wunnengen entretemps erëm verkaf?
- Kann de Minister ausschléissen, dass dës Wunnengen zu engem méi héije Präis verkaf goufen, wéi d'SNHBM fir hire Kaf bezuelt huet? Falls nee, wéi héich ass den Ecart am Duerchschnëtt tëschent den Akafspräisser a Verkafspräisser a wat ass de Maximum un Ecart, fir deen eng Wunneng verkaf gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten